LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op **d'parlamentaresch Fro n°3204 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy iwwer d'Sortie aus der** Aarmut an de Retour an d'Aarbecht.

- *Leien dem Här Minister Statistike vir, wéi vill Leit duerch Aarbechtslosegkeet an enger Aarmutssituatioun waren an duerch eng nei Aarbecht aus där Situatioun erauskomm sinn, fir nees e wierdegt Liewen ze féieren?*

Fir unzefänken, ass et effektiv richteg, dass Aarbecht besser virun Aarmut schützt ewéi Aarbechtslosegkeet. Esou louch den Taux de risque de pauvreté 2024 bei Persounen am Chômage bei 33,6%, wärend dësen Taux bei Persounen, déi eng Aarbecht haten, bei 13,4% louch.

Déi vum honorabelen Deputéierte gefrote Statistiken setzen d'Kräize vun enger ganzer Partie un Informatiounen viraus, fir ze determinéieren ob eng Persoun dem Aarmutsrisiko ausgesat war an uschléissend duerch eng nei Aarbecht doraus erauskomm ass. Dozou zielen notamment d'Intensité de travail, de Salaire an d'Composition de ménage. D'Tatsaach eleng ob eng Persoun eng Aarbecht fonnt huet, lisst kee Réckschloss iwwer den Aarmutsrisiko zou, vu dass dëse vu méi Facteuren ofhänkt – och wann, wéi gesot, d'Aarbecht den Aarmutsrisiko däitlech reduzéiert.

Mam nationale Plang zur Preventioun a Bekämpfung vun der Aarmut, deen den 8. Dezember 2025 presentéiert ginn ass, an 106 konkret Aktiounen an 8 verschiddene Beräicher virgesäit, huet d'Regierung, ënner der Koordinatioun vum Familljeministère, den alleréischten Aktiounsplang op den Dësch geluecht, fir de Phänomen vun der Aarmut ganzheetlech an an all senge Facetten unzegoen.

Ee Volet vum Aktiounsplang betréfft d'Erhiewe vun Donnéeën fir eng faktebaséiert Politik ze maachen. Esou wäert den Observatoire des politiques sociales mat der Realisatioun vu méi verdéiften Analysen beoptraagt ginn, fir eng méi granular Vue op déi ënnerschittlech Aspekter vun der Problematik ze kréien.

Donieft stellen d'Aktivatioun, d'Formatioun an d'Weiderbildung zentral Elementer vum nationalen Aktiounsplang duer, fir d'Leit net just an d'Aarbecht ze kréien, mee och an der Aarbecht ze halen. Esou wäert, ënner anerem, de Programm „Skillsplang" ëmgesat ginn; méi „Travaux d'utilité collective" (TUC) Plaze geschaf ginn, besonnesch an deene Secteuren an deenen et e Mangel u Main d'œuvre gëtt; Praxis-orientéiert Formatiounen agefouert a Sproochecourse fir TUC ausgebaut ginn; d'Formation professionelle valoriséiert a méi attraktiv gemaach ginn. Fir méi Detailer erlaben ech mer den honorablen Deputéierten op den nationalen Aktiounsplang ze verweisen.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn